

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Fuerschungs- an Héichschulminister weiderzeleeden.

De Prinzip, duerch d'Verfare vun der Geothermie Energie kënnen ze gewannen, muss am Kontext vun den Diskussiounen ëm déi alternativ an erneierbar Energie ganz eescht geholl ginn. Et héiert ee grad och vun den Experten am Beräich vun den erneierbaren Energien, datt d'Geothermie eng ganz attraktiv Energiequell kann duerstellen. Leider gëtt grad hei am Land kaum vu Geothermie geschwat, och net vu Säite vun der Regierung, déi jo selwer virgëtt, d'Dekarboniséierung an d'Ëmstellen op erneierbar Energie beschleunegen ze wëllen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn et hei am Land Fuerschungsprojeten oder aner konkret Bestriewungen, déi sech mat dem Notze vun der Geothermie beschäftegen?
2. Wa jo, sinn dës Fuerschungsprojeten oder Bestriewunge vu staatlecher Hand aus initiéiert oder beschäftegen sech och privat an/oder akademesch Organisatioune mam Notze vun der Geothermie?
3. Wa jo, kann d'Regierung eis en Iwwerbléck iwwert den neiste Stand vun den Entwécklung ginn - sief dat am privatwirtschaftlechen, akademeschen oder staatleche Beräich - wat d'Notze vun der Geothermie ugeet? Sinn an deem Kontext konkret Projete virgesinn, fir d'Geothermie an nächster Zäit ze erfuerschen an/oder ze scho konkret ze notzen? A wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Projete gerechent ginn?
4. Falls d'Geothermie vu staatlecher Säit bis dato nach net gefërdert oder ënnerstëtzt gëtt: Firwat hält d'Regierung de villversprieche Notze vun der Geothermie bis elo net méi eescht? Gedenkt d'Regierung dës Energiequell an noer Zukunft méi ze promovéieren an op alle Niveauen ze fërderen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten